ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Februar 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

No de Corona-Impfstoffer vu Biontech/Pfizer, Astrazeneca, Moderna an Johnson&Johnson ass säit Dezember 2021 ee weideren Impfstoff an Europa zougelooss: Novavax. Well sech vill Mënschen net gär mat engem mRNA-Impfstoff wéi deem vu Moderna impfe loosse wëllen, verbanne verschidde Gesondheetsexperten a Politiker an Europa mat deem neien Impfstoff d'Hoffnung, datt sech dës Leit elo awer nach vläicht wëllen impfe loossen. Aner Experten argumentéieren, Novavax wäert kee groussen Afloss op d'Impfbereetschaft hunn, esoulaang d'Mënschen net selwer entscheede kënnen, mat wat fir engem Impfstoff si geimpft ginn.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Ministesch:

1) Geet d'Madamm Ministesch dervun aus, datt deen neien Impfstoff fir verschidden „Impfskeptiker" eng Aart Alternativ zu de bisheregen Impfstoffer duerstelle wäert a si sech dofir mat Novavax impfe loosse wäerten?
2) Wéi gesäit am Moment d'Reserv un „alen" Impfstoffer aus? Wéi vill Impfdose si bestallt?
3) Wéi gesäit et mat de Verfallsdate vun den Impfdosen aus, déi Lëtzebuerg am Ablack nach huet? Wat geschitt mat deenen iwwerschëssegen Impfdosen?
4) Ass dru geduecht, fir de Leit an Zukunft d'Méiglechkeet ze ginn, den Impfstoff selwer ze wielen, bzw hinnen de Choix ze ginn tëscht engem „alen" an deem neien Impfstoff?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen, Deputéierten